



Groupe parlementaire

N° 8298
Entrée le 08.09.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 11.09.2023

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. September 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an den Här Minister fir öffentlech Aarbechte weiderzeleeden.

Mam Gesetz iwwer d'Renovatioun an d'Upassung vum Thermalbad zu Munneref gouf d'Regierung autoriséiert, sech an Héicht vun 133 Milliounen Euro un de Moderniséierungskäschte vum lo just genannten, gesondheetlechen Institut ze bedeelegen. Am Exposé des Motifs vum entsprechende Gesetzesprojet hat d'Regierung d'Demande fir dës Participatioun enner anerem follgendermoosse begrënnt:

"Bien conçu, bien construit et bien entretenu, il présente actuellement des soucis liés à son âge. Une rénovation de l'enveloppe, des toitures, des façades et des châssis est indispensable. La rénovation des deux piscines thermales, fortement détériorées par une eau thermale acide est incontournable. Une réflexion sur la gestion des énergies et d'un assainissement énergétique global avec mise à niveau des techniques s'avère indispensable. Une mise en conformité visant à répondre aux règlements actuels en vigueur, en matière de sécurité et de santé, tant pour les visiteurs que pour le personnel, est également programmée.

Esou wéi et mir zougedroe gouf, hunn d'Renovatiounsaarbechte bis ewell allerdéngs nach guer net ugefaangen. Réckbléckend ka sech eng gewëss Verzögerung verständlecherweis duerch d'COVID-Situatioun erkläre loossen, déi allerdéngs well och bal zwee Joer hannert eis läit.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär follgend Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung confirméieren, datt déi entspreichend Renovatiounsaarbechten nach ëmmer net ugefaangen hunn? Falls jo, wéi erkläert d'Regierung dës laang Verzögerung a wéi een Delai ass aktuell fir de Start vun den Embauaarbechte virgesinn?
- 2) Wéi eng provisoresch Moosname goufe geholl, fir de Gesondheetsschutz vun de Patienten an dem Personal trotz deene vun der Regierung genannten aktuellen, baulechen Onzoulängleckeete vun der Aariichtung bis zum Ofschloss vun den Aarbechten ze garantéieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten



**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vun der
Gesondheitsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 8298 vum 8. September 2023 vum
Här Deputéierten Jeff Engelen.**

- 1. Kann d'Regierung confirméieren, datt déi entspriechend Renovatiounsaarbechten nach
ëmmer net ugefaangen hunn? Falls jo, wéi erklärt d'Regierung dës laang Verzögerung
a wéi een Delai ass aktuell fir de Start vun den Émbauaarbechte virgesinn?**

D'Renovatiounsaarbechte vum Thermalbad vu Mondorf hunn entretemps ugefaangen. An enger
éischter Phase sinn dat Preparatiounsaarbechten en vue vun der Realisatioun vum neie Gebai
„Les Sources“. Dat Gebai kennt op d'Plaz vum ale Vestiairesgebai dat dofir aktuell ofgerappt gëtt.

Des Weidere lafe Viraarbechte wéi de Remplacement vum Transformator, vun der
Opbereedungsanlag vum waarme Waasser a vun den ale Chaudières an der Installatioun vun
enger Klimatisatiounsanlag.

D'Soumissiounsdoossieren fir d'Reibauaarbechten sinn amgaange fäerdeggestallt ze ginn.

Aktuell ass d'Baugeneemegung betreffend d'Renovatiounsaarbechten respektiv dem Neibau
vum Gebai „Les Sources“ awer nach net ausgestallt.

- 2. Wéi eng provisoresch Moosname goufe geholl, fir de Gesondheetsschutz vun de
Patienten an dem Personal trotz deene vun der Regierung genannten aktuellen
baulechen Onzoulänglechkeete vun der Ariichtung bis zum Ofschloss vun den
Aarbechten ze garantéieren?**

Et ginn eng Rei Moosname geholl fir d'Sécherheet vun de Patienten an dem Personal ze
garantéieren. Eng vun dësen ass zum Beispill d'Erriichte vum Gebai „Les Sources“, wat déi éischt
Phase vum Chantier duerstellt. An dëst Gebai wäerten eng ganz Rei vu Servicer aus den aktuelle
Gebaikeete vum Domaine Thermal temporär relogéiert ginn (z.B. Service Cure, Centre
médical, ...)

Dëse Relogement erméiglecht sou d'Renovatioun vun den Haaptgebaier ouni dass dëst weider Repercussiounen op de Fonctionnement vum Domaine Thermal huet. Nodeems d'Renovatiounen ofgeschloss sinn, wäerten dës Servicer gréisstendeels erëm an den Haaptgebaier integréiert ginn an d'Gebai „Les Sources“ wäert ënnert senger finaler Affektatioun als Annexe vum Hotel funktionéiere, mat de Raimlechkeete vum Centre médical um Rez-de-chaussée.

Lëtzebuerg, de 7. November 2023.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch